

Lëtzebuerg, de 14. Mäerz 2023

Här Fernand ETGEN  
Chamberspräsident  
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH  
PARTEI

Chambre des Députés  
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden:

*„No deem schlëmmen Ongléck am Neiduerf stellen sech eng Rei Froen, ënner anerem déi vun de Kontrolle vun der Police an den Tempo-30-Zonen. Et ass eis nämlech zu Ouere komm, datt d'Police net déi Mëttel an déi Zäit huet, fir méi dacks a reegelméisseg d'Vitesse an dëse Beräicher ze kontrolléieren.*

*An deem Kader wollte mir dem Här Minister fir bannenzeg Sécherheet folgend Froe stellen:*

- *Wéi dacks an a wéi engen Uertschaften goufen zanter 2020 Kontrollen an den Tempo-30-Zonen duerchgefouert? Gëtt et speziell Plazen, déi méi dacks kontrolléiert goufen oder hu misse ginn?*
- *Wéi vill Avertissements taxés goufen an dësen Zonen insgesamt ausgestellt? Wéi vill "Délits de grande vitesse" goufen an deem Kontext festgestallt?*
- *Wéi dacks si Kontrollen duerchgefouert ginn, well et säitens de Buergermeeschteren an de Privatleit Reklamatioune gouf? “*

9, rue du St. Esprit  
B.P. 510  
L-2015 Luxembourg


Tel. : 22 41 84 1  
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu  
www.dp.lu

Mat déiwem Respekt,



André BAULER  
Deputéierten



Claude LAMBERTY  
Deputéierten